PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/02/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.

Den 13te Februar 2020 huet d'Spuerkeess an engem Communiqué matgedeelt, dass no enger interner Studie 11 Agencen am Land hier Diere fir ëmmer wäerten zoumaachen. Déi 38 Mataarbechter vun de betraffenen Agence sollen op aner Agencen opgedeelt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi een Impakt wäert d'Reaffektatioun vun 36 Mataarbechter op d'Astellungspolitik vun der Spuerkeess hunn? Plangt d'Spuerkeess an Zukunft weider Mataarbechter anzestellen?

2. Wäerten déi ofgeschaafte Posten an Zukunft ersat ginn?
   - Falls jo a wéi enge Beräicher a wäerten d'Mataarbechter Ëmschoulungen ugebuede kréien?
   - Falls nee, ginn déi 36 Posten an Zukunft nach reduzéiert (zum Beispill duerch net ersaten Departen an d'Pensioun?)

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député